



Virwetz.

Eng Le'er fir Jongen a Médercher.

PERSO'NEN:

*De Papp,
D'Mamm,
Francis, hire Jong,
Seng Geseschter,
Wichtelcher.*

I. AKT.

(An enger Stuff leie Keschten, Luoden an Tûten durchernên. Francis wullt am Schâf, fir èppes ze fannen, kuckt an Tûten am Bitzkuorf.)

Francis: A wat soll d'Mamm nammel hier verstoppt hun? Soll hei neischt Sche'nes me' leien? Wat soll op desem Bre'f stoen? An op desem? Ha, an des Tût muss ech awer nach kucken! An am Bitzkuorf! Neischt Apartes! Wat soll am Wecker sin? (Schrauw't lass.) Männchen, dech huolen ech nach eng Ke'er ganz ausernên! An am Phonograph. Ha, do muss ech dé Mann gesin, dén dobanne setzt. (Schrauw't lass, do he'ert en ê kommen.) Ha! d'Mamm schons erem! Mei Gott, lo get et rem e Wiéder! Se'er! Se'er! (Wöllt alles op d'Seit raumen.)

Mamm: (bleift an der Dir stoen a schle't d'Hänn iwert dem Kapp zsummen.) Gott, ste' engem bei! Ma gutt dann! A wat ass nammel lass! Francis, du Bo'f! Fo'er! Weltausstellong?! —

Francis: 'T ass neischt lass, Mamm! 'T ass nach alles dran! Ech wollt neme bössche range'ren!

Mamm: Range'ren! Hëllegen Himmel! Durchernê geheien. Ma ech fanne jo neischt me' erem! Virwetzen! Emmer virwetzen! Strèck d'Nuos an deng Bicher an an dein Einmaleins.

Francis: Wann ech gewosst hätt, datt neischt me' Sche'nes dra wär ...

Mamm: Stëll! Et kann dra sin wat wöllt, dat gêt dech neischt un! Ge' bei de Maulup an de Gârt wullen! Wo' soll ech wuol èppes erem fannen? (Francis of mat de Keschten.) Ja, de Kanner! Dé Bo'f! So' e Virwetz! Iwerall! Nuos fir ze schnoffeln we' e Johond. Et sollt èppes em un der Nuos hänke bleiwen! Do sollt der se am Duorf do-

remer gesi lafen — Mamm, lôss kucken! Mamm, lôss lauschtern!
 Mamm wofir? Mamm wivill? Mamedi, huol mech mat — — Tutten!
 Tutten! sét dé Kléngsten! O, dé Virwetz! Schons 8 Auer! Francis!
 Francis! A wat stréckst du d'Nuos nammel douowen? Komm se'er!
Francis: (sprengt eran.) Gelifft Mama! De' Kescht stong am Klêder-
 schâf. Wat ass dran?

Mamm: Do, ech sot jo! Virwetz ass dran! Hir de' Kescht! Hei hun ech
 eng Luod, do ass èppes dra fir d'Matti Liss.

Francis: Wat, Mama?

Mamm: Get em eng.) Do' dèr sin dran. D'Matti Liss muss dé Pâck nach
 haut hun. Et presse'ert ganz. Et ass schons 8 Auer. De' Luod muss
 op d'Gare. Fèrtst du net durech de Besch?

Francis: A wîe soll ech da fèrten? D'Bém an d'Kawéchelchen?

Mamm: Brauchs och kên ze fèrten. Huol de' Luod an dro se vif op de
 Ningauerzug! Et muss vif goen! Bleif net bei jiddem allen Hung
 stoen! Kuck net an all Lach an ennert all Stên, wèll du wèss, den
 Zug wârt net.

Francis: Wat ass dann dran, ass dat eso' presse'ert?

Mamm: Fort! Hopp!

Francis: Arvoar, Mamm!

II. AKT.

(Am Besch. Francis kent mam Pâck a peift e Lidd.)

Duckli: (e Wîchtel.) Muckli, et kent e Bo'f!

Muckli: (Wîchtel) E Bo'f! Komm, verstoppt! (Verstoppt sech.)

Francis: Bis op d'Gare ass et net me' weît! Nach 10 Minutten. Ech kann
 och hei e bessche raschten. (Setzt sech op e Stên.) A wat soll an
 der Luod sin? Secher èppes Apartes, dat presse'ert! Eppes, wat
 d'Mamm mer net wollt soen... Ech gesin et awer. Et wèrd dach
 neischt Lieweges sin, dass et mer eraus lèft. (mecht lass) Eng
 Fläsch! (E wöllt se aus dem Papeier lasswéckeln, an ir e sech emsin
 huot, fâllt se an ass an dausend Stecker gebrach! Francis hault
 schrècklech.) O Mamm! O mei! Eng Medezin fir d'Tatta Liss! A
 wat get elo! O Mamm! (Kreischt emmer me'.)

Duckli a Muckli: (komme vun hannen erbei geschlach.) Gukuk!

Francis: (le'sst de Rèscht och nach falen.) Äää!

Duckli a Muckli: (kucke wat geschitt ass, stêmme d'Ärem an d'Höften
 a lâchen dass se de Bauch halen.)

Francis: (huot sech an den Eck zreck gezun a kreischt schrècklech.) A we' könn dir iwert mein Ongleck so' lâchen? Huot der se verhext? Ech huolen e Bèngel a schloen iech futti! (sicht e Bèngel.)

Duckli a Muckli: (lâchen emmer) Virwetz! Virwetz! Virwetz!
Strèck d'Nuos dra mat der Spetz!

Francis: Wat huot dir hei verluor, sit me' virwetzeg we' ech!

Duckli a Muckli: Virwetz! Virwetz! Virwetz!
All dein Haulen ass onnetz!

Francis: A wat soll ech neme mâchen! O Mamm! O Tatta! — De' sche' gutt Fläsch!

Duckli a Muckli: (rafen d'Schirbelen op a fort sin se.)

Francis: Lo sin ech sche' beläffelt! Wat mâchen de' — Zu engem Meislach an. Wîchtelcher. Verhext! Verhext! De Besch ass verhext. Ech si verhext. Sin ech nach dén, dén ech war? Meng Nuos? — jo — meng O'ren? Jo! — MengZong? (strèckt s'eraus) Jo! Meng Mutz? — jo! Ma jo, ech sin et jo nach. Neme meng Fläsch net — — — A wat soll ech mâchen? (Lét sech op de Buodem platt nidder a kreischt.)

Duckli a Muckli: (komme mat enger ganzer Fläsch, we' de aner, och mat ro'der Medezin.)

Duckli: Do, mei Jong, huos du deng Fläsch erem!

Francis: Maja, meng war eso'! Huot der s'erem gepècht?

Muckli: Dat war vif geschitt. An eiser Schmött gêt dat se'er!

Francis: An d'Medezin?

Duckli: Just de'sèlwegt, de' dra war. Et war Sali caroma parumis — — eng Art Modröpsge ge'nt d'Midderchen. Mir kenne jo dat, mir hun et nawèll e bessche me' fein gemât, we' kê vun èren Apdikter dat fèrdeg bringt.

Francis: Wöllt der meng Matti Liss vergeften?

Duckli a Muckli: Hief kèng Angscht, mei Jong! mir sin e'erlech a brav a wöllen dir aus denger No't hellefen. Du kanns eis frei trauen.

Duckli: Komm, pàck se'er rem an, wèll den Ningauerzug kent geschwön.

Francis: Wösst dir, dass ech dur gin?

Duckli a Muckli: Mir wössen alles!

Duckli: Lo lêfst du se'er, 't ass nach Zeit.

Muckli: Awer net me' gevirwetzt!

Francis: A mengem Liewe net me'! Gléft mer et!

Duckli: Wann et alt ass!

Francis: Gléft mer et! Gléft mer et!

Mamm: Warst du op den Zug?

Francis: Jo.

Mamm: Huos du de Pâck ofgeliwert?

Francis: Jo! —

Papp: Watfir e Pâck ass dat do dann?

Gesechter: Meija! Wat ass dran?

Francis: Gèlt, dé Virwetz! Ech wëss et sëlwer net! Awer èppes ass dran, we' nach kên èppes hat.

1. *Bruder:* De Francis huot gelun.

2. *Bruder:* Huos du dé Pâck fond?

Francis: Nën, ech hun e kritt.

Seschter: Vu wiem dann?

Mamm: Ma, da lôsst de Jong ro'eg!

Francis: Et ass eng verhext Geschicht. Et dârf kên dra kucke bis muor de muorgen 9 Auer.

1. *Bruder:* Eng verhext Geschicht!

2. *Bruder:* Bis muor de muorgen 9 Auer!

Francis: O, 't ass èppes dran! Wat wèrd der Ae mâchen.

1. *Bruder:* Kommt, mer huolen em de Pâck.

Francis: Nën! Nën! Mamm!

Mamm: Da lôsst de Jong goen!

1. *Bruder:* E war beim Lompekre'mer. Et sin âl Schanken. (lâchen.)

2. *Bruder:* Ober beim Döppege'sser: Eng Seibâcken o'ne' Buodem. (lâchen.)

Seschter: Et wèrden ofgezuge Mo'cke sin.

All: Äää!

1. *Bruder:* Oder Kauzekäpp!

2. *Bruder:* Eng verhext Geschicht!

2. *Bruder:* Ech we'sst sëlwer gèr wat dra wär, awer —

Francis: Ech dârf net dra kucke bis muor!

1. *Bruder:* Haut oder muor, jé, lôsse mer kucken.

2. *Bruder:* Du kanns sëlwer lasmâchen.

Seschter: An d'Kescht an der Hand halen.

Francis: Mamm, soll ech?

Mamm: Ja, ech wëss net was du wölls.

Francis: (pessert der Mamm èppes an d'O'er.)

Mamm: Ha, da musst du et am bèschte wössen. Ech soen neischt.

Papp: Et ass dach eng verhext Geschicht!

Francis: Soll ech, Papp?

Papp: Ja, ech wëss vu neischt èppes. Mâch, we's du wölls.

Francis: Ja, ech we'sst awer och gèr, wat dra wär — — — Hopp, elo get et lass gemât.

Geseschter: Bravo! Bravo — —

Francis: (wéckelt lass, ê Papeier um aner.)

1. *Bruder:* Ech ze'e mech zreck, wann et eng Bomm ass.

2. *Bruder:* Ech wöllt et wär e Botterkuch.

Francis: Dabo, dat wär och nach grad derwèrt.

2. *Bruder:* Amstand, et ass e Beidel mat Goldstecker.

Francis: Dat kann et so' gutt sin we' net. (E mecht ê Papeier vum anere lass.)

Papp: A jiddem Fall ass et gutt agewéckelt.

Seschter: Et ass lîng a ronn: En Zaubers'âf?

Francis: Kann et ganz gutt sin.

2. *Bruder:* Da fänk awer re'scht muor un ze zaubern. Dann ass jo kên des Liewe me' secher am Haus.

1. *Bruder:* Gef mir d'Affâr hir, ech sin hurteg fêrdeg.

Seschter: Et ass ên awer gespant, we' so' en âle Prible'.

1. *Bruder:* Wann et eng Mokuchsstîng ass, get se direkt giés.

Francis: Mokuchsstîng! Wat eng Ried!

2. *Bruder:* Op d'mannst eng gólde Stîng.

1. *Bruder:* Oder zwo'.

Papp: Et ass èppes dônnes!

1. *Bruder:* Dat sin de' feinst Sâchen.

Seschter: Réng! Halskëtten!

Francis: A wat hätte mir dann?

1. *Bruder:* Lo kent et!

2. *Bruder:* Nach e Papeier.

Seschter: Weist! Weist!

All: (Strêcken d'Kâpp beienên a ruffen: Ho! Ho! Ho! Virwetz! Virwetz!
Neme Virwetz!

Srancis: (lét de Kapp op den Desch a kreischt.)

Mamm: Ja, dé Virwetz!

Papp: Et ass èppes Dônnes!

